N°2711
Entrée le 31.07.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 01.08.2025
Chambre des Députés

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31. Juli 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Hären Aussen- an Inneminister wéi och un d'Madamm Justizminister weiderzeleeden.

An Däitschland goufen et Enn 2024 net manner wéi 178.500 „Ausreisepflichtige". Do kommen dann nach eng Kéier 42.300 „unmittelbar Ausreisepflichtige", déi d'Land verloosse mussen, derbäi.

An deem Zesummenhang géife mir der Regierung gär dës Froe stellen:

1. Wéi sinn déi entspriechend Zuele fir Lëtzebuerg?
2. Wéi hunn déi Zuelen sech an deene leschten zéng Joer entwéckelt?
3. Wéi ass den offizielle Begrëff zu Lëtzebuerg fir de sougenannten „Ausreisepflichtigen", a wéi gëtt dëse Status hei definéiert?
4. Wéi ass den offizielle Begrëff zu Lëtzebuerg fir de sougenannten „unmittelbar Ausreisepflichtigen", a wéi gëtt dëse Status hei definéiert?

Mat déiwem Respekt,

Tom Weidig
Deputéierten

Fred Keup
Deputéierten